CERCLE'S GUIDE

édition 2009-2010



ACEL

SOMMAIRE

5 Intro

6 Comitéthéik an admin.acel.lu

10 RCS – Registre de Commerce et des Sociétés du Grand-Duché de Luxembourg

13 Assurance fir de Cercle

14 Archiver

15 Aktivitéiten a Publicatiounen

18 Activités Intercercles

20 Gratis Consulting fir d'Studentecerclen

25 Useful links

Léiwe Comitésmember,

D'ACEL regruppéiert 43 verschidde Studentencercelen an ass doduerch mat iwwer 10000 representéierte Studenten de Studentevertrieder zu Lëtzebuerg. D'Aarbecht vun der ACEL ka sech ënner dräi verschiddene Piliere regruppéieren loossen:

- **Studente** vertrieden: duerch regelméisseg Entrevuë mam Héichschoulministère, den Débat mam Héichschoulminister op der REEL, etc.
- **Studenten zesummeféieren:** duerch de Studentebal, d'REEL, den Tournoi Universitaire, awer och Publikatioune wéi den e-zoom, de Zoom 1200mm, etc.
- **Studenten a Schüler informéieren:** duerch Brochurë wéi de Guide du Futur Etudiant an de Guide du Futur Diplômé an och Evenementer wéi Studieninfoen a Lycéeën an op der Foire de l'Etudiant.

Dëst geschitt natierlech alles an Zesummenaarbecht mat den 43 Membercercelen. Zweemol am Joer gesinn d'Cerclë sech op den Assemblée Généralen vun der ACEL. Déi Haapt-AG ass all Joer den 26. Dezember. Do gëtt de Bilan vun den Aktivitéiten an der Keess presentéiert an een neie Comité gewielt. Dofir ass et extrem wichteg dass all Cercle hei présent ass, fir kënne vun sengem Stëmmrecht gebrauch ze maachen, a mat ze décidéieren a wéi eng Richtung d'ACEL sech entwéckelt. Eng zweet AG fënnt am Summer statt, meeschtens Enn Juli. Dës ass manner formell, an et geet éischter drëm e Bilan ze zéie vun der éischter Hälschent vum Joer, a sech eng Kéier ze gesinn, fir iwwer eventuell bestoend Problemer ze diskutéieren.
Fir seng Membercercelen ze ënnerstëtze gëtt d'ACEL dëst Joer dëse Cercle Guide eraus. E regruppéiert eng ganz Partie praktesch Infoen déi de Comité sollt wësse fir de Cercle kënnen ze féieren, et geet em obligatoresch administrativ Démarchen déi musse gemaach ginn, mee awer och em praktesch Tipps, mat deenen ee sech den Alldag vereinfache kann.

WAT AS DAT, WOUFIR KANN ECH DAT GEBRAUCHEN AN WÉI FONCTIONNÉIERT ET?

COMITÉTHÉIK

D'Comitéthéik ass en Outil, deen 1999 vun der Amicale des Etudiants Luxembourgeois à Karlsruhe (AELK) entwéckelt gouf fir d'Comité'en vun de Studentecerclë à jour ze halen, fir d'Date vun de Studentebaler ze verwalten a.s.w.. D'Cerclë kënnen d'Comitéthéik souguer benotzen, fir hir eege Memberen anzedroen. D'Comitéthéik ass d'Haaptkommunikatiounsorgan vun der ACEL an hire Memberen. Dofir ass et immens wichteg, dass jiddereen seng Daten doranner ëmmer à jour huet.

Als éischt kucke mer eis mol dee méi generellen Opbau vun der Comitéthéik un. Jiddereen huet do säi perséinleche Konto. Mat deem Konto kann een da Member an e puer Cerclë sinn. Zousätzlech kann ee Member och am Comité vum Cercle sinn. Dann huet e méi Rechter.

Mee wéi kënnt dee Comité dann iwwerhaapt an d'Comitéthéik? Ganz einfach: No der Assemblée Générale setzt den ale President (oder de Responsable Comitéthéik) sech dohinner an dréit den neie President als Member an, wann en net schonns agedroen ass (Menüpunkt "Membere verwalten"). Dann zitt hien am Menüpunkt «Comité editéieren» den neie President mat der Maus vu riets no lénks an de Comité. E klickt beim E-Mail Verdeeler «President» un. Wann e bis ofgespäichert huet kann en sengem Nofolger Bescheed soen.

Dëse freet sech mam Menüpunkt «Neit Passwuert» en neit Passwuert un, wann en et vergiess sollt hunn. Da mellt e sech mat senger E-Mail Adress un an en aktualiséiert - falls néideg - mat «Perséinlech Informatiounen» säin eegene Profil. Dann dréit en déi Leit, déi nei an de Comité komm sinn, bei «Membere verwalten» an, falls se net

schonns existéieren. Lo kann en déi Persoune mat der Maus vu lénks no riets déi Leit rausgeheien, déi net méi am Comité sinn, an déi nei Leit ranzéien. E kann och d'Reiefolleg vun de Leit am Comité sou ajustéieren. Bei de Leit am Comité kuckt en, dass ëmmer d'Funktioun ausgefëllt ass, déi aus fräiem Text besteet, an eventuell och den E-Mail Verdeeler. Bei dësem huet en zur Auswiel: President, Sekretär, Trésorier an Responsable Comitéthéik. All dës 4 Verdeeler sollten op d'mannst enger Persoun zougeuerdent sinn, well d'E-Maile generell un dës Leit geschéckt ginn. Sou kann een z.B. ganz einfach e Mail un all d'Sekretäre vun de Cerclë schécken. Eng besonnesch Roll hunn de President an de Responsable Comitéthéik. Dës Leit hu besonnesch Rechter. Si kënnen z.B. Memberen androen oder de Comité änneren. Ofspäicheren net vergiessen. Lo ass de Comité gréisstendeels aktuell, an déi nei Leit kënnen nach hir perséinlech Informatiounen aktualiséieren. Ofschléissend soll een nach am Menüpunkt «Eegene Cercle verwalten» den Datum vun der Assemblée Générale androen, wou de Comité gewielt ginn ass. Da gesäit ëmmer jiddereen op de Comitéslëschten, wéi al de Comité ass.

Wéi virdru schonns ugeklongen ass d'Comitéthéik e wichtegt Kommunikatiounsorgan. Wanns du z.B. e Bal wëlls ukënnegen, oder deng Nopeschcerclë op eng Aktivitéit aluede kanns de dat ganz einfach maachen, andeems de op «E-Mail/Comité» klicks. Als éischt wiels de de Cercle raus, un deen de Mail soll goen, an da wiels de optional d'E-Mail Verdeeler aus, un déi et soll goen (z.B. just un d'Presidenten a Sekretären). Mat Ctrl-Click kanns de iwweregens puer Saachen auswielen oder Selektioune réckgängeg maachen. Wanns de näischt auswiels, geet den E-Mail un de ganze Comité. Ganz wichteg ass lo, dass de d'E-Mail Adressen an d'BCC Feld setzs. Op däitsch heescht dat Blindkopie, op franséisch copie conforme invisible. A verschiddene Programmer ass dat Feld net par défaut ageschalt, da kann een dat normalerweis ënner View, Ansicht oder ähnlech ablennen. Sou gesäit deen aneren net di ganz E-Mail Adressen. Dat ass eng ganz einfach Dateschutzmoossnam, déi jidderee soll anhalen. Ofschléissend sief nach bemierkt, dass d'E-Mail Funktioun vernünfteg gebraucht soll ginn. Bis lo huet dat och gutt geklappt, an dat soll och an Zukunft sou bleiwen.

Eng weider grouss Funktionalitéit ass d'Verwaltung vun de Baler. All Cercle soll d'Daten vu senge Baler androen, dat ass engersäits gutt

Reklamm an et vermeit Diskussioune mat anere Cerclë. Wichteg ass, dass een am beschten den Datum och nach op admin.acel.lu agëtt (weider Infos ënnen), well dann taucht de Bal och am Kalenner vun der ACEL op. An der «Charte vun de Baler», déi 2003 vun all de Cerclë ënnerschriwwe ginn ass, si puer einfach Regele festgehalen, wéi een den Datum vu sengem Bal soll rauswielen. All Cercle huet een sougenannten traditionellen Datum zegutt. Di genee Definitioun fënnt een an der Charte, déi och an der Comitéthéik verlinkt ass. Och sou een Datum kann een iwwert d'Comitéthéik ufroen.

Du kanns och gäre kuerz virum Bal e Mail un d'Presidenten an d'Sekretäre schécken, fir de Bal unzekënnegen. Dës schécken et dann un di eege Membere weider. Owes virum Bal kanns du och nach d'Comitéslëscht rausdrécken. Dat sinn all déi Leit, déi gratis op de Bal rakommen, wéi dat an der Charte festgehalen ass.

D'Comitéthéik huet u sech e falschen Numm. Eigentlech misst se och Memberthéik heeschen, well d'Cerclë hunn d'Méiglechkeet hir Memberen anzedroen, an déi kënnen sech dann och an der Comitéthéik umellen. Fir de Cercle huet dat als Virdeel, dass en net méi muss kucke fir vill Excel Tabellen ze hunn, déi net à jour sinn. Wann ee sech duerno zréckentscheed kann een seng Lëschte ganz einfach rëm op Excel exportéieren. Jiddereen aus dem Comité kann dann zu all Moment en E-Mail schécken un all d'Memberen. Mee och fir d'Memberen huet et Virdeeler. Wa si plënnere kënne se selwer hir Kontaktdaten à jour setzen, a si kënnen och Kontaktlëschten als PDF ausdrécken, wann se z.B. eng Matfuergeleeënheet sichen.

Et gesäit een, dass an der Comitéthéik vill Informatioune gesammelt ginn - och vill Perséinleches. Wéi ass et do iwwerhaapt mam Dateschutz? Responsabel fir d'Comitéthéik ass d'ACEL, d'AELK iwwerhëlt just déi alldeeglech Maintenance an d'Weiderentwécklung. Deng Informatioune ginn net un Drëtter weiderginn. Du hues selbstverständlech all d'Rechter, déi der vum lëtzebuerger Gesetz garantéiert sinn. Sou wäers du ëmmer kënnen informéiert ginn, wat vun dir gesammelt gëtt, wéi laang et gesammelt gëtt, a.s.w.. Du kanns och zu all Moment deng Informatiounen akucken a verbesseren. Du kanns dech och ganz aus der Comitéthéik läsche loossen, obwuel et da fir di aner schwiereg ass, dech ze kontaktéieren. Du hues awer och Méiglechkeeten, déi iwwert déi gesetzlech Obligatioune rausginn. Sou

kanns de z.B. aschränken, wien deng Date gesäit a wien net.

Dëst war just eng ganz kuerz Beschreiwung vun der Comitéthéik. Op der éischter Säit vun der Comitéthéik ass e Link op eng grouss Materialsammlung wou Videoen an heefeg gestallte Froen ze fanne sinn. Wanns du technesch intresséiert bass a bei dësem Projet matschaffe wëlls, oder Verbesserungsvirschléi hues, brauchs de dech just un d'ACEL oder un d'AELK ze wenden, do wäert ëmmer en oppend Ouer sinn.

ADMIN.ACEL.LU

Ofschléissend wéilte mir awer nach de Schwësterprojet vun der Comitéthéik virstellen: admin.acel.lu. An dësem Portal fannen normalerweis d'Umellunge statt fir d'Aktivitéite vun der ACEL. Weider kanns du hei en Datum an de Kalenner op acel.lu androen, oder du kanns dech fir verschidde Saache vun der ACEL umellen.

De Link op d'Comitéthéik an op admin.acel.lu fënns du niewent villen anere prakteschen an aktuellen Informatioune fir d'Cerclë op acel.lu am Espace Etudiants - Info-Cercles.

RCS – REGISTRE DE COMMERCE ET DES SOCIÉTÉS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

WÉI, WAT, WOU, FIRWAT?

WAT ASS DEN RCS?

Den RCS ass den Handels a Firme Regester, wou all Firmen an Associatiounen (personne physique oder morale) di hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, agedroe sinn.

FIRWAT BRAUCH EEN DEN RCS?

1. Beim RCS dréit een seng Firma oder Associatioun (personne physique oder morale) offiziell an. Folgende Formular muss een ausfëlle bei enger Firma oder Associatioun di nach net beim RCS agedroen ass, am Fall vu Cerclen heescht dat, wann een en néie Cercle grënnt:
   https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/form_asbl_imm.pdf?lg=fr

2. Des weidere muss ee wann een seng Firma oder Associatioun agedroen huet, seng Donnéeën à jour halen. Et ginn zwou Zorte vun Donnéeën, statutaire Donnéeën an non statutaire Donnéeën :

- **Statutaire Donnéeën**, sinn Donnéeën di an de Statute selwer stinn. (D.h. z.B., wann an de Statute steet dass d'Cotisatioun pro Joer net méi wéi 10€ dierf sinn, dir se awar ob 15€ wëllt ropsetzen, da muss dat ob der AG gestemmt ginn, a wann dat gestemmt ginn ass muss dat um Registre de Commerce déposéiert an agedroe ginn. Änneruge vu statutairen Donnéeë maacht der mat folgendem Formular andeems der bei « Le dépôt contient-il des modifications statutaires? », « Oui » an dann di repektiv Spacht ukreitzt:
  https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/form_asbl_mod.pdf?lg=fr
- **Non statutaire Donnéeën**, sinn Donnéeën di net an de Statuten dra stinn; Et ginn zwou Zorten :
  - Donnéeën di nach net an de Statute stinn, di awer mussen a Statute geschriwwe ginn, nodeems ob der AG doriwwer ofgestëmmt ginn

ass. (D.h. z.B., Ob enger AG gëtt décidéiert e Paragraphe bei Statute bei ze schreiwen, da mussen di néi Statute beim RCS déposéiert an enregistréiert ginn.) Dëst kennt der och mat folgendem Formular man: https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/form_asbl_mod.pdf?lg=fr

- Donnéeën di net an de Statute selwer stinn, an awa musse beim RCS déposéiert an enregistréiert ginn. Virun allem wichteg fir Cerclen ass hei, dass een no der AG, wann de Comité geännert huet, dëst och beim RCS andréit. Dëst mécht ee mat folgendem Formular andeems der bei « Le dépôt contient-il des modifications statutaires? », «Non» an dann di respektiv Spacht ukräizt: https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/form_asbl_mod.pdf?lg=fr

  Des weidere musst der och d'Nimm vun äre Memberen a Form vun enger Lëscht era reechen. Di Lëscht muss alphabetesch sortéiert sinn an Numm, Virnumm, Adresse, Nationalitéit enthalen. Des weidere mussen och nei Memberen a Memberen déi rausgetrueden si präziséiert ginn. **Et ass obligatoresch de néie Comité, eventuell Cooptéen an d'Memberen anzedroen!**

3. Beim RCS kann een seng Firma oder Associatioun och läsche loossen. D.h. wann dir äre Cercle wëllt opléise muss der en och rëm beim RCS ausdroe loossen. Dofir braucht der folgende Formular:
   https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/form_asbl_rad.pdf?lg=fr

» **All di Formularer kann een Online ausfëllen an dann ausdrécke fir se mat an de Guichet vum RCS ze huelen.**

» **Doduerch dass een um Haaptformular seng spezifesch Informatiounen ugëtt an dat uklickt wat ee well änneren, gin weider Seiten ob fir auszefëllen.**

» **All des Démarchë mussen um Guichet vum RCS déposéiert an enregistréiert ginn a kaschten och.**

WAT BIDD DEN RCS VU SERVICER UN?

Ënnert der Rubrik «Consultation» um Internetsite vum RCS kennt der z.B. Statuten noliesen.
Des weidere kennt der ënnert der Rubrik «Extraits», Informatiounen ufroen di der da per Post oder E-Mail zougeschéckt kritt.
De RCS bidd och eng Brochure u wou der alles iwwert de «Formalisme de Dépôt» kennt noliesen. Des Brochure fannt der ënnert dësem Link:
https://www.rcsl.lu/mjrcs/webapp/static/mjrcs/pdf/forms/note_asbl_ASBL.pdf?lg=fr

WÉI MUSS EEN SENG RCS NUMMER BENOTZEN?

Op allem wat rausgeet (Bréifpabeier, Rechnungen, Annoncen, Publikatiounen a.s.w.) muss folgendes stoen:

- Numm vun der Associatioun, direkt dobäi: «association sans but lucratif» oder «a.s.b.l.» a Siège Social
- R.C.S. Luxembourg «RCS Nummer vun der Associatioun» (oder Registre de commerce et des sociétés, Luxembourg «Nummer»

LINK OP DE RECUEIL DE LOI FIR ASBLEN

http://www.legilux.public.lu/leg/textescoordonnes/recueils/recueil_societes/IV_ASBL.pdf

ADRESSEN VUM RCS

Locaux de Luxembourg :
Centre administratif Pierre Werner
Bâtiment F
Registre de Commerce et des Sociétés
13, rue Erasme Luxembourg-Kirchberg
L-2961 Luxembourg
Tél : (+352) 26 428-1
Fax : (+352) 26 42 85 55
helpdesk@rcsl.lu

Locaux de Diekirch :
Palais de Justice, place Guillaume
Registre de Commerce et des Sociétés
B.P. 20, L-9201 Diekirch
Tél : (+352) 26 80 37 60
Fax : (+352) 26 80 37 61
helpdesk@rcsl.lu

www.rcs.lu

ASSURANCE FIR DE CERCLE

Als Cercle soll een eng ganz normal **Haftpflicht** hun. Si ass net obligatoreg mee et ass besser wann een eng huet fir de Cercle ofzesecheren.

Des Haftpflicht deckt net nëmmen divers **Schied** vis-à-vis vun engem Drëtten, mee och d'**Affekotekäschten** di am Fall vun enger Klo op de Cercle zou kommen.

Wann e Cercle e **Bal** organiséiert, da ginn et zwou Méiglechkeeten.

1. Et kann een einfach eng Extensioun vun senger normaler Haftpflicht ufroen.
2. Am Fall wou een eng Location lount, kann een e „Risque Locatif" versécheren. Deen deckt dann alles of, vun diverse Schied bis zum Brand.

De Cercle ass am allgemengen net responsabel wann engem Member eppes bei enger Cerclesaktivitéit geschitt. All Member deen 18 Joer oder méi huet ass laut Gesetzgeber fir seng Handlunge selwer responsabel.

Wann z.B. e Member während enger Cercelsaktivitéit an e Luuchtepotto rennt an doduerch en Zant verléiert, kann de Cercle net responsabel gemat ginn.

Fir dass awar a sou Fäll deem Member deen eppes geschitt ass entschiedegt gëtt, kennt dir als Cercle äre Membere roden eng „Accident privé" Versécherung ze maachen. Di muss allerdéngs jiddereen deen se well op sech privat maachen.

WOUFIR SINN SE GUDD A WÉI HELLT EEN SE À JOUR?

Fir Continuitéit an ee Cercle ze bréngen ass et extrem wichteg Archiver ze féieren!

Sou muss den nei gewielte Comité net all Joer erëm vu vir ufänke mat plangen an organiséiren. Wann de Cercle ausserdeem eng Kéier een Anniversaire feiert an eng Brochure erausbrénge well di un aal an nei Membere soll verdeelt ginn, huet een di Informatioune liicht zougänglech.

Also ass dat éischt wat ee mëscht wann een eng Charge an engem Comité ugeholl huet, sech een Dossier ze kafen an no a no seng Saachen anzekasséieren.

Mee een Archiv feieren heescht net nëmme Classeure sammelen, mee an der heiteger elektronescher Gesellschaft sollen och digital Informatioune gesammelt ginn. Siefen et Fotoe vun den Aktivitéiten, Bréiwer an E-Mailer, Plakater vu senge Baler, Rapporte vun de Comitésversammlungen etc. D'Zesummesetzung vun de fréiere Comitéë sollt och archivéiert ginn. Eng einfach Method dofir ass se z.B. einfach op der Homepage ze veröffentlech. Sou weess ee ganz genau ween wéini am Comité war a kann deejéinegen zu all Zäit kontaktéiren.

Eng wichteg Saach di an een Archiv gehéiert an ëmmer erëm aktualiséiert musse ginn, ass eng Lëscht mat wichtegen Adressen a Kontakter vu Sponsoren, der Uni, den Ancienen, Restauranten a Locatioune wou Partien organiséiert ginn. Des kann z.B. a Form vun engem Excel-Sheet sinn, dee vu Joer zu Joer vum aktuelle Comité à jour gehale gëtt.

Aal Dossiere vun de fréiere Comitésmemberen sollten op enger gemeinsamer Plaz opbewahrt ginn, an ëmmer un de jeeweilegen aktuelle Comité weidergereecht ginn. Optimal wär et wann de President oder soss een eng riisen Wunneng huet, an do all Dossiere lagere kann. Falls äre Club sollt een Anciensveräin hunn, besteet natierlech

och d'Méiglechkeet dass déi d'Archiver vum Cercle verwalten. All Cercle muss do kucke wéi eng Léisung fir am besten ass. Fir engem neie Comitésmember d'Aféierung a seng nei Charge ze erliichteren ass et nëtzlech deem de Dossier vun sengem Virgänger vum Joer virdru weider ze ginn.

Falls äre Cerclë Brochuren erausbréngt (z.B. eng Brochure fir Schüler die wëllen an är Stad studéiere kommen, eng Anniversairesbrochure oder eng Cerclesbrochure) sidd dir verpflicht e puer Kopien dovunner un d'Nationalbibliothéik weider ze ginn. Och wär d'ACEL frou wa si kinnten een Exemplaire kréie fir iwwert de Cercle au Courant ze bleiwen.

AKTIVITÉITEN A PUBLIKATIOUNEN

WÉI STEET D'ACEL AM KONTAKT MAT DE CERCLEN?

DEN ACEL STUDENTENBAL

D'Cerclë kennen all Joer un enger Rei vun Evenementer deelhuelen déi vun der ACEL organiséiert ginn. Dat gréisste vun dësen Evenementer ass den ACEL's Bal, hei huelen all Joer 23 Cerclen deel. All Cercle huet säi Stand a verkeeft normalt Gedrénks an zousätzlech säin "Special-Drink". Dëst erméiglecht virun allem klenge Cerclë, déi alleng kee Bal kënnen organiséieren, e bësse Geld an d'Keess ze kréien. D'ACEL plangt an organiséiert alles, am géigenzuch mussen d'Cerclen dann och eng Hand mat upake wann et drëm geet Flyeren ze verdeelen an Ticketen ze verkafen. Och beim Op- an Ofriichten virum an nom Bal muss all Cercle e puer Leit zur Verfügung stelle fir ze hëllefen.

TOURNOI DE NOËL

En zweet Evenement ass den Tournoi de Noël, wou all d'Cerclë kënnen deelhuelen an an dräi Sportaarten (Volleyball, Basket a Fussball)

géinteneen untrieden. De Gewënner vun all Sportaart däerf um Enn vum Dag eng wonnerschéi Coupe mat heemhuelen. Wei den Numm et schon seet fënnt dëst Tournéier all Joer an der Chrëschtvakanz statt.

FOIRE DE L'ÉTUDIANT

En anert wichtegt Evenement ass d'Foire de l'Étudiant, déi all Joer am November an de Foire's Hale statt fënnt. Hei huet all Cercle e Stand wou en seng Stat, Uni a säi Cercle ka virstelle fir deenen zukënfteg Studenten Informatiounen aus éischter Hand kënnen ze ginn.

Natierlech huet och d'ACEL hei e Stand fir déi zukënfteg Studente beschtméiglechst ze informéieren. Fir bei der Foire de l'Étudiant matzemaache muss dir iech beim Cedies umellen a soen op dir alleng kommt, oder op dir mat ärer Uni kollaboréiert an e gemeinsame Stand wëllt.

KONTAKT MAT UNI A PARTNER

Wichteg ass och, dass der drun denkt all Kéier wann der en neie Comité gewielt hutt, iech bei äre Partner an och eventuell der Uni virzestellen. De Kontakt mat ärer Uni vereinfacht iech eventuell d'Adresse vun de Lëtzebuerger di nei op der Uni sinn ze kréien. Zudeem ass et och wichteg fir d'Foire de l'Étudiant e gudde Kontakt zu ärer Uni ze hunn, fir mat hinnen Hand an Hand ze schaffe fir di nei Studente beschtméiglechst ze informéieren.

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT

Op der Foire de l'Étudiant gëtt dann och all Joer déi nei Editioun vum Guide du Futur Étudiant (GFE) verdeelt. An dësem Guide kann en Informatiounen iwwert d'Studéieren an 12 verschidde Länner fannen. Déi verschidde Cerclë stellen doran sech selwer, hier Uni an hier Stat vir. Fir dass dëst méiglech as kritt all Cercle emol d'Joer e Questionnaire geschéckt, deen dir dann ausfëllt an soumat der ACEL aktuell Informatiounen iwwert äre Cercle liwwert. Dëst alles gëtt da gesammelt an am GFE zesummebruecht.

GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Fir déi Leit, déi souwäit fäerdeg sin mat hirem Studium an Hëllef brauche bei der Entrée an d'Beruffsliewen, publizéiert d'ACEL all Joer

de Guide du Futur Diplômé (GFD). An dësem Guide gi verschidden Démarchen erkläert, wéi zum Beispill wéi dat mat der Homologatioun vum Diplom geet, wéi een e CV an eng lettre de motivation schreift, wéi ee sech op een Astellungsgespréich virbereet, wat ee muss iwwer d'Steieren an d'Assurancë wëssen an all méiglech aner Tuyauen déi engem d'Liewe méi einfach maache wann ee vun der Uni zréck kënnt a schaffe wëll goen. Fir all déi, déi nach net wëlle schaffe goen, ginn am GFD och d'Méiglechkeete virgestallt, déi een huet wann een hei zu Lëtzebuerg an d'Recherche wëll goen oder op der uni.lu nach ee Master maachen wëll.

E-ZOOM AN ZOOM 1200MM

Den e-zoom as eng Internet-Zeitung, déi d'ACEL 4 mol am Joer rausbréngt. Hei fënnt een Informatiounen iwwert d'Aktivitéite vun eise Cerclen an hiert Studenteliewen. Am ezoom ginn och all d'Activités Intercercles virgestallt déi iwwert Joer vun de Cerclen organiséiert ginn.

De Zoom 1200mm ass eng Zeitung vu Studente fir Studenten. Si kënnt ee mol am Joer raus an dat ëmmer fir Foire de l'Étudiant. Hei schreiwe Studenten interessant Artikelen iwwer d'Liewen an hirer Stat an anerer, déi en aussergewéinleche Studiegang hunn, ginn interviewt. Natierlech dierf och e flotten Artikel iwwert d'REEL net feelen. Hei fannen also Schüler, Studenten an och vill aner Leit wichteg Informatiounen iwwert ACEL an hir Studentecerclë.

Den ezoom genau sou wei de Zoom 1200mm kann ee gratis ob **www.acel.lu** an der Rubrik Publications roflueden. D' Zeitung Zoom 1200mm krit een ausserdem och ob der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL.

WAT ASS DAT A WÉINI KRITT EEN DO SUBSIDEN?

WAT ASS ENG INTERCERCLE AKTIVITÉIT?

Wéi de Numm et schon seet ass et eng Aktivitéit di dir als Cercle organiséiert, ob alleng oder zesumme mat engem anere Cercle. Et geet haaptsächlech dorëms de Kontakt zu den anere Lëtzebuerger net ze verléieren, als Member e Lëtzebuerger aus engem anere Cercle kennen ze léieren, nei Frëndschaften ze schléissen a sech awer och net aus den Aen ze verléieren. D'Ziel ass deemno datt och Memberen aus anere Cerclë kennen un der Aktivitéit deelhuelen an net nëmmen déijéineg aus dem Cercle Organisateur.

Fir datt dat ganzt sech awer och lount fir äre Cercle, huet d'ACEL e Subside opgestallt. Dëst ass eng kleng finanziell Hëllef fir iech dobäi ze ënnerstëtzen esou Aktivitéiten ënnert Cercle'en op d'Bee ze stellen.

WÉI GENAU GESÄIT ESOU ENG AKTIVITÉIT AUS?

D'Aktivitéit gëtt vun engem oder méi Cerclen organiséiert.
Et mussen awer op mannst 2 Vertrieder vun op mannst 2 verschiddene Cerclen dorun deel huelen. Just de Cercle Organisateur huet d'Recht op e Subside, de Cercle Participant deemno net (ausser eventuell fir Frais de Route).
D'Aktivitéit sollt net nëmmen aus enger Soirée bestoen, mä, éischter aus enger gemeinsamer Vakanz, engem Sport-Tournoi, enger kultureller Aktivitéit zum Beispill.

WAT SINN DANN D'KONDITIOUNEN DI DE CERCLE MUSS ERFËLLEN?

Ee Mount no der Manifestatioun muss de Cercle folgendes eraschécken:

- Den definitive Bilan (ze fannen op www.acel.lu, Espace Etudiant, Rubrik Intercercles)

- Een Artikel deen d'Aktivitéit zesummefaasst (500 Wieder)
- 5 oder méi Fotoen a gudder Qualitéit (2mega), et ass wichteg dass déi 5 Fotoe separat vum Artikel geschéckt ginn an net schonn am Artikel enthale sinn

Den Artikel gëtt da mat de Fotoen am E-Zoom an/oder am ACEL Zoom 1200mm publizéiert. (Informatiounen zu eise Publikatioune fannt der op www.acel.lu, Espace Etudiant, Rubrik Publikatiounen)

WÉI GËTT DEE SUBSIDE DANN HERNO OPGEDEELT?

- Um Enn vum Joer, no der Ofrechnung vun all den Intercercles Aktivitéiten, kréien d'Cerclen hier Suen accordéiert an iwwerwisen.
- D'Suen déi accordéiert ginn, ginn a Funktioun vun de Budgete vun de verschiddenen Aktivitéite gerechent.
- Wann 2 Cerclen eng Aktivitéit zesummen organiséieren dann hunn se allen 2 e Recht op d'Halschent vum Montant dee fir déi Aktivitéit accordéiert ginn ass.

OP WAT MUSSE MIR ALS CERCLE SPEZIFESCH OPPASSEN?

- Délaien mussen agehale ginn!
- Dir kennt di néideg Formulairen (Demande a Bilan final) op www.acel.lu, Espace Etudiant, Rubrik Intercercle eroflueden an entweder per Post (Boîte Postale) zeréckschécken oder un den Intercercle Delegéierte vun der ACEL mailen.

GRATIS CONSULTING FIR D'STUDENTECERCLEN

WÉI KRITT ÄRE CLUB MÉI SUEN A SENG KEESS?

De Studente gëtt jo bekanntlech nogesot, si wären notoresch knapp bei Keess. Dëst gelt natierlech och fir Studentecerclë. Eng ganz Rei Aktivitéite wéi Soiréeën, Ausflich an Evenementer mussen organiséiert ginn, an dat kascht leider alles Geld. Doniewent kommen eng Rëtsch weider Ausgaben dozou, wéi z.B. Sportsuniformen, Brochuren, Copien, etc... Hei ginn dann elo eng Rei Moossname virgestallt, fir dass dem Studentecercle dann och den néidege Budget fir déi Projeten zur Verfügung steet.

SUE BEIM MINISTÈRE UFROEN

Als Studentecercle huet een d'Méiglechkeet eng Demande beim Stat ze maachen, fir eng finanziell Ënnerstëtzung fir seng Aktivitéiten ze kréien. Dofir muss een einfach e flotte Bréif opsetzen, wou een da léiw dono freet. Dëse kënnt der z.B. un de Ministère de l'Enseignement et de la Recherche (MESR) oder de Ministère de la Famille et de l'Intégration schécken.

ENG SOIRÉE/PARTY/EVENT ORGANISÉIERE

Fir e Bal ze organiséiere braucht dir eng gutt Plaatz wéi z.B. den Atelier, de Melusina, d'Scheier oder soss eng Hal déi grouss genuch ass, fir all d'Leit ënnerzebréngen. Oft dierft der da Virverkafsticketen oder Virverkaf+Oweskeess als Recetten aplangen, bei läschterem muss der dofir awer dann der Disco Loyer bezuelen.

Do muss een dann ofschätzen, wat sech wéini am beschte lount. Am Fall wou der eng Hal lount, misst der eng jett méi Leit arechnen, déi hëllefe sollen, an et ass vill méi e grousse Risiko domatter verbonnen. Am Géigenzuch kann een awer och vill méi Gewënn maachen!

Et sief ugemierkt, dass der fir äre Bal och misst e gudden Datum hunn

an eng uerdentlech Pub maacht, fir dass och genuch Leit kommen, fir dass et sech lount.

Eng weider Méiglechkeet ass de Studentebal vun der ACEL. Do hutt dir e Stand mat engem eegene Gedrénks, plus Béier, Wäin, Softs, etc. Asaatz heibäi sinn e puer vun äre Memberen déi virdrun, während an no dem Bal der ACEL eng Hand upaken, an eng Rei Virverkafsticketen déi der misst lassginn, mä déi Sue kënnt der jo integral erëm erakréien.

Natierlech sidd dir a punkto Event net doropper beschränkt eng Party ze organiséieren. Dëst kann och eppes ganz anescht sinn, wéi z.B. e Sportstournoi, e Café-Rallye, oder soss eppes Ausgefalenes, wou der da während deem Gedrénks an Iesse verkaaft an/oder Entrée frot.

MEMBERSKAARTEN AFÉIEREN

Wéi all gudde Veräin hutt der natierlech och d'Méiglechkeet eng Memberskaart anzeféieren. All Member bezilt da pro Joer eng Cotisatioun an ass da volle Member an ärem Club.

Dofir profitéiert hien dann dovunner iwwert Neiegkeeten an Events informéiert ze ginn, Réductioun/gratis Entrée op den eegene Bal, un Aktivitéiten deelhuelen ze däerfen an deemno wéi eppes bäigeluegt ze kréien. E Präis vun 8-10€ fir d'Kaart schénge raisonnabel, mee dat hängt am Fong och vun deem of, wat dir äre Membere wëlles hutt fir hir Suen ze bidden.

ACEL-SUBSIDEN UFROEN

Falls dir Member an der ACEL sidd, hutt dir z.B. d'Méiglechkeet an enger vun äre Publikatiounen eng Annonce vun der ACEL ze placéieren, an d'ACEL bezillt iech da jee nodeem wéi grouss, faarweg an op wéi enger Plaz an der Brochure dës Annonce ass. Detailer heizou fannt der op acel.lu am Espace Etudiants ënner Info-Cercles.
Weider ënnerstëtzt d'ACEL iech andeems si är Transportkäschte fir op d'Foire de l'étudiant ze kommen un de MESR weidergëtt an dann de Cerlcë dëst KM-Geld ausbezillt. Gitt iech dofir einfach op der Foire bei den ACEL-Stand informéieren.

Nach eng Alternativ wär dass dir en eegenen Event, wou och e puer aner Cerclë mat um Start sinn, bei der ACEL als Intercercle-Aktivitéit ukënnegt. Dofir misst der da just e Bilan vun ären Dépensen erareechen

plus e Rapport vum Event mat enger Rei Fotoen. Um Enn vum Joer kritt der dann eng gewessen Zomm vun der ACEL als Subside erëm.

SPONSORE SICHEN

Firwat setzt dir net einfach e Bréif oder eng Brochure op, wou der kuerz äre Cercle virstellt, wat dir sou maacht a wisou een iech soll sponsoren. Den Empfänger kënnt dir da verschidde Formulen ubidden, z.B. gestaffelte Sponsoring à x Euro an dofir Reklamm op ärem nächste Bal-Flyer, à x+y Euro wann d'Reklamm och nach soll op d'Plakater an Ticketen, etc… Eng ähnlech Méiglechkeet wär enger Bank, Brauerei oder Telekommunikatiounsentreprise ze proposéieren, offizielle Partner vun ärem Cercle fir eng bestëmmte Period ze ginn. Dofir iwwerweise si da pro Joer eng festgeschriwwen Zomm. Am Géigenzuch bitt der hinnen hire Logo op äre Site ze setzen, eng bestëmmte Quantitéit vun hiren Déngschtleeschtungen/Produite pro Joer ofzehuelen, etc…

Mee et mussen och net ëmmer Sue sinn! Bei uewe genannte Beispiller si Leeschtunge wéi e Fräikontingent u Béier oder Minutte fir ze vertelefonéieren oder e Konto ouni Fraisen a spezial Tariffer genau esou lukrativ.

Vergiesst och net är Kontakter spillen ze loossen, andeems der är Ancienë frot! Eng ganz Rei fréier Memberen déi mëttlerweil an héije Postë sëtze sinn oft ganz frou wann hir al Studentestat se em e klengen Don freet a si sech dann sou fir hir schéin Erënnerungen u fréier revanchéiere kënnen!

REKLAMM MAACHE VIA WEBSITE

Notzt är Website net nëmme fir Infoen iwwert iech ze presentéieren, mä profitéiert dovunner dass wann der eng héich Unzuel "Hits" per Mount hutt se als Werbeplaz ze vermaarten. E klengen dezente Banner um Rand oder e Logo ass normalerweis ëmmer dran.

Profitéiert dovunner dass äre Cercle mannstaark ass a maacht aktiv Reklamm fir verschidde friem Eventer. Concerten oder Festivaler sinn z.B. oft frou wann dir hir Pub an ärer Stat fir si iwwerhuelt a schenken iech am Géigenzuch oft fräi Entréeën oder cool an exklusiv Gadgeten.

GEWËNNSPILLER

Maacht bei Concourse mat, wou et interessant Präisser ze gewanne ginn. Firwat sech net owes emol am Stammcafé treffen an zu 20 iwwert esou e Wettbewerb diskutéieren, am Team ass een ëm e Villfaches méi kreativ wéi eleng! Beispiller fir esou Gewënnspiller sinn z.B. de Concours vum Cactus, deen virun 2 Joer war a wou de Veräin gesicht gouf, deen déi originellsten Iddie mam Thema Cactus hat. Oder de Concours vun der ACEL, wou déi beschte Studentenaktivitéit vum Joer gesicht gouf.

AKTIV VERKAFEN!

Wat aner Clibb wéi d'Scouten, de Fussball oder d'Keeleveräiner dorëmmer maachen, kann e Studenteclub natierlech och, wéi z.B. virum Cactus grillen, Viiz oder Quetschegebeess verkafen, etc. Einfach eng Demande maachen an de néidege Produit hirstellen, a scho ka verkaaft ginn!

Dann hutt der natierlech och d'Méiglechkeet mat engem eegene Spill Gewënn ze maachen. Zum Beispill kënnt der Rubbellousen drécke loossen, oder en Tipp-Spill ubidden, z.B. fir eng Weltmeeschterschaft oder den aktuelle Bundesligaspilldag. Jiddereen, dee matmécht bezilt "Frais de participation", an d'Gewënner kréien z.B. 70% vun all de Recetten, de Rescht wär Gewënn. Frot awer no, ob der net en Accord vun der Gemeng oder dem Stat braucht, fir déi Spiller legal ze verkafen.

MERCHANDISING

E coole Club brauch natierlech och seng eege Gadgeten. Hautesdaags ginn et eng jett esou online Print-Shops, wou een T-Shirter, Kaapen, Sticker a nach ganz aner Saache ka mat sengem Clublogo bestécke loossen. Ärer Fantasie ass hei meeschtens keng Grenze gesat, ob der elo eng eegen "Kollektioun" entwäerft, oder just en normale Polo mam Clubsigle ubitt. Déi meescht erlaben et an dësem Zesummenhang och en eegene Präis fir d'Artikele festzeleeën.
Sou kënnt der dann z.B. pro T-Shirt dee vun iech bestallt gëtt, 1-2€ drop verdéngen.

KAPITAL ULEEËN (FIR ECO-EXPERTEN)

Wann der bis e gewësse Montant op ärem Compte hutt a genuch Reserven do si fir Events ze organiséieren, da kënnt der sérieux iwwerleeën, ob et net vläicht eng Alternativ wär, är Sue fir iech schaffen ze loossen. Heifir ginn et natierlech déi ganz Palette vun de Bankproduiten, wéi z.B. e Spuerkont, Aktien oder Fonds d'investissements, fir der just e puer ze nennen.
Bei all dësen Tips gëllen d'Devisen: "Ëmsoss ass den Doud, an dee kascht d'Liewen!" oder "Vun näischt kënnt näischt", dofir ass Asaatz gefrot!

Et sinn awer eng Rei Saachen dobäi, déi extrem wéineg Asaatz erfuederen, et muss een et just maachen!
Nach e leschten Tipp: Wann der tatsächlech méi Suen erakritt wéi soss, vergiesst net är Memberen dorunner Deel hunn ze loossen, si si schliisslech de Grond, firwat der d'Geld iwwerhaapt braucht!

Source: zoom 1200mm, édition 2007

Auteur: Jean-Luc Meyers (liicht aktualiséiert)

USEFUL LINKS

www.acel.lu

www.cedies.lu

www.snj.lu

www.benevolat.lu

www.adem.lu

www.cij.lu

www.daachverband.lu

www.cpos.lu

www.youth.lu

NOTIZEN

LAYOUT Anne Backendorf
REDACTION ACEL Comité

D´ACEL iwwerhellt keng Verantwortung fir d´Richtegkeet
vum Inhalt vun den Artikelen.

ASSOCIATION DES CERCLES D'ETUDIANTS LUXEMBOURGEOIS
BP 63 I L-7201 Walferdange www.acel.lu I contact@acel.lu